# (Keng) Panik am Netz!

Chaos Computer Club Lëtzebuerg A.S.B.L.
Frënn vun der Ënn A.S.B.L.

Wei mir all wëssen, ass Kryptographie immens wichteg fir eis Kommunikatioun ze sécheren. Mir weisen hei verschidden Programmer déi all Mënsch ka benotzen um verschlësselt, anonym an sécher ze kommunizéieren. Well soss kann all Mënsch är Kommunikatioun matliesen!

## Handys/Smartphones an Tablets

### Android

TextSecure: Dat ass ee gratis Programm dat ee kann erof lueden fir verschlësselt SMS/MMSen ze verschécken. Des App ass gratis an kann ouni Schwieregkeet erofgelueden an aktivéiert ginn. Verschlësselung funktionéiert awer nëmmen wann déi zwee Kommunikatiounspartner des App installéiert hunn. Soss funktionéiert et wei eng ganz normal SMS/MMS.

Redphone: Och dat heiten ass ee gratis Programm, dat är Uriff verschlësselt. Et ass vun deenen selwechten Programméierer wei TextSecure. Och hei muss och den zweeten Kommunikatiounspartner des App hunn, domatt der verschlësselt telefonéieren kennt.

Verschlësselung: Android bitt ab Versioun 2.3.4 Méiglechkeet är SDkaart oder souguer den ganzen Handy ze verschlësselen. Dat kennt dir astellen ënnert “Einstellungen” → “Sicherheit”. Hei kennt dir dann auswielen tëschent “SD Karte verschlüsseln” an “Telefon verschlüsseln”. Wann dir dat maacht, sinn är Daten um Handy verschlësselt an dir musst beim starten vum Handy een weidert Passwuert aginn. Dat ass ganz praktesch wann dir zB den Handy verléiert. Well dann kann den Déif ouni äert Passwuert net un är Daten kommen (Fotoen, SMSen etc.)

*Déi virgestallten Programmer fann dir all am Google Play Store, wou dir och all déi aner Apps kennt erof lueden!*

### iOS (iPhone, iPad)

Wickr: Dat ass och ee gratis Programm, wat et iech erlaabt verschlësselt ze chatten. Et ersetzt de normalen SMS Programm awer net. Dat heescht och, datt een och just mat deenen Leit verschlësselt ka schreiwen, déi des App och installéiert hunn.

Seecrypt: Dëst ass e Programm dat et iech op där enger Säit erlaabt, verschlësselt SMSen ze verschécken souwéi awer och verschlësselt ze telefonéieren. Dëst Programm ass géint ee klengen Obulus vun 3$ de Mound oder 30$ Joer verfügbar. Natierlech funktionéiert d'Verschlësselung och nëmmen, wann béid Säiten des App installéiert hunn.

Verschlësselung: iOS bidd d'selwecht wei Android eng Optioun un fir de ganzen Handy ze verschlësselen. Hei muss een einfach op “Einstellungen” → “Allgemein” → “Code-Sperre” an dat dann aktivéieren. Ab iOS7 ass des Optioun scho par Defaut un.

*Déi virgestallten Programmer fann dir all am App Store, wou dir och all déi aner Apps kennt erof lueden!*

## Alternativen

Vill Leit hunn sech dru gewinnt zum Beispill ëmmer mam mam Internet Explorer an den Internet ze goen. Oder fir ze chatten benotzen de Snapchat oder den Facebook Messenger. Fir Videotelephonie benotzen déi meescht wuel Skype. Mä all des Programmer sinn Closed Source, et weess een also net wat genee am Programmcode steet. Och sinn des Programmer immens ufälleg fir Attacken. Am Fall vu Skype wësse mer souguer, datt NSA do alles kann ouni Problemer matschneiden. Mir weisen iech hei divers Alternativen zu dësen an aneren Programmer.

## Chat

XMPP/Jabber: XMPP oder einfach Jabber genannt, ass e Protokoll wat et erlaabt souguer mat aneren Messenger (ewéi ICQ asw) ze kommunizéieren an dat sécher. Et ass virun allem gratis, kann vu jidderengem benotzt ginn an et ass komplett dezentraliséiert. Dat heescht, wien den néidegen savoir-faire huet, dee kann op sengem eegenen Server, Jabber zur Verfügung stellen. Wisou ass Dezentraliséierung gutt? Stellt iech elo mol fir vun haut op muer fält de Server vun ICQ, SnapChat asw aus. Dann ginn déi Servicer net méi. Beim Jabber ass et ni méiglech ee Service komplett ze blockéieren, well ganz vill Leit een eegenen Jabber Server zur Verfügung stellen. Ënnert anerem och den C3L. Eng riese Lescht vun Server kritt een ënnert http://www.jabberes.org/servers/ !

### Videotelephonie

Jitsi: Jitsi ass eng Alternativ zu Skype a baséiert op XMPP. Dermadder ass et méiglech sécher ze chatten an Videotelephonie ze bedreiwen. Och Konferenzschaltungen mat méi Leit sinn méiglech. Jitsi leeft mëttlerweil Skype a villen Firmen de Rang of, well et komplett gratis ass a fräi ass.

## Browser

Firefox: Leider benotzen nach eng selege Leit den Internet Explorer fir an den Internet ze goen. Dëse Browser ass zwar standardmeisseg op engem Windows installéiert mä total onsécher an en hält sech net un international ausgeschaffte Standards am WWW. Alternativ gëtt et hei den Firefox. Dat ass een vill méi sécheren a souguer séieren Browser. Och kann dësen mat diversen “Plugins” opgerüst an personaliséiert ginn. Firefox ass gratis an Open Source. http://firefox.com

## Suchmaschinnen

DuckDuckGo: Zu 99% Prozent benotzt dir Google fir Saachen am Internet ze sichen. Mä Google ass eng grouss Boite déi probéiert mät ären Daten Suen ze maachen (dofir ass bei Google alles “gratis”). Allkéiers wann dir eppes sicht, dann gëtt dat vun Google gespäichert an et gëtt e Profil iwwert iech ugeluecht. Wien net well, datt Google weess, dat dir am Internet no enger neier Schaff sicht, oder Erwuesenenspillsachen wëllt kafen, dann muss een Sichmaschinn wiesselen. DuckDuckGo ass do ganz fir bei an respektéiert är Privatsphär. http://duckduckgo.com

StartPage: Wien Google trotzdem bei sichen net mëssen well, deen soll StartPage als Mëttelsmann benotzen. Hei gitt dir är Sichufroo u StartPage an déi leeden et dann weider u Google. De Virdeel dovunner ass, datt Google net méi zouuerdnen kann vu wou a vu weem déi Ufro komm ass. StartPage gouf 2008 och mam EU Datenschutzgütesiegel ausgezeechent! http://startpage.com

## Anonym Surfen

Anonym surfen ze kennen gëtt ëmmer méi wichteg, well mer gesinn, datt vill Regierungen zu all Zäitpunkt wëllen wëssen wat hier Bierger maachen. Awer och déi divers Geheimdéngschter hunn dorunner Interessi. Wien seng Privatsphär och um Internet wore well, deen MUSS sech zwéngend mat folgenden Saachen ausernee setzen

Tor: Tor ass eng Software déi et erméiglecht sech anonym a sécher am Internet kennen ze bewegen. Tor gëtt ënnert anerem (awer net nëmmen) vu Journalisten, Whistleblower an Leit aus repressiven Staaten genotzt fir kennen weiderhin an engem onzenséiert Internet kennen deel ze huelen. Tor verschlësselt är Internet Verbindung an schéckt är Verbindung duerch divers aner Server am Tor Netzwierk. Dofir ass et onméiglech erauszefannen wien genee wat um Internet gemaach huet. Tor ass fräi a gratis. Tor gëtt vun fräiwëllegen bedriwwen déi hier Serverkapazitéiten zur Verfügung stellen, domatt dir sécher um Internet kennt surfen. Hei am Land gëtt et sou eng ASBL déi sech "Frënn vun der Ënn" nennt. Se ass ugewisen op all Don an giffen sech iwwert eng kleng Spent vill freeën. http://enn.lu/donate
Fir Tor kenne ze benotzen ass et am einfachsten sech den "Tor Browser Bundle" erof ze lueden. Dat ass de Firefox Browser deen mat Tor gekoppelt ass. Dësen kritt een ënnert http://www.torproject.lu/projects/torbrowser.html.en
Wien komplett op Nummer sécher well goen, deem lee mer "Tails" un d'Häerz. Dat ass en Alternatiivt Betribssystem zu Windows an MAC OSX, wat är komplett Kommunikatioun (Chat, Internet asw) iwwert Tor schéckt. Einfach op eng CD brennen, domadder booten an fäerdeg! Ze fannen ass dat ënnert https://tails.boum.org/

VPN: Eng aner Méiglechkeet anonym a sécher am Internet kennen ze surfen ass, eng VPN ze benotzen. Dir musst iech dat esou virstellen, datt wann dir Facebook wëllt opruffen, är Kommunikatioun een Ëmwee iwwert en aneren Server mécht an deen alles weiderleet. Wichteg gëtt eng VPN virun allem wann een an engem ëffentlechen Hotspot ass ewéi zB HotCity an der Stad. VPN's kaschten awer an der Regel bëssen Geld. Eng Lescht vun Ubidder fann dir ënnert http://www.vpndienste.com/

## Festplacke Verschlesselung

Stellt iech fir, äre Laptop geet verluer oder gëtt geklaut. Lo kann all Mënsch är gespäichert Fotoen, Texter, Videoe asw kucken. Dat ass keng schéin Virstellung, datt e Friemen Zougang zu ären Private Saachen huet. Dowéinst musse mir ufänken eis Festplacken ze verschlësselen!

TrueCrypt: TrueCrypt ass eng Software déi genau dat erlaabt. Dat heescht, se verschlësselt är Festplacken. Et ass eng Software déi geschriwwen gouf, fir dat ganz sou einfach wei méiglech ze maachen. TrueCrypt kann är Festplack verschlësselen oder just sougenannten "Container". Während bei der Festplack alles verschlësselt gëtt ginn bei engem Container just gewesse Sache verschlesselt. nämlech just dat wat dir doranner Macht. zB kennt dir een Container vun 10 GigaByte erstellen. Hei kennt dir elo souvill Texter, Videoe, Fotoen asw dran maachen, bis de Container voll ass. Wann dir iech entscheed Verschlësselung ze benotzen muss dir iech awer ee weidert Passwuert verhalen. A verhaalt iech et gutt well bei der Verschlësselung gëtt et keen Moyen fir een vergiessent Passwuert ze iwwergoen. Wann der dat vergiesst, dann kommt dir an all aneren net méi un är Daten. TrueCrypt ass hei ze fannen http://truecrypt.ch

## Weider Links a Quellen

Alles zum Chaos Computer Club fann dir op http://c3l.lu
Wien méi Informatiounen zur Frënn vun der Ënn A.S.B.L. well hunn, sollt op http://enn.lu goen

TextSecure: http://bit.ly/1efJ6aW
RedPhone: http://bit.ly/1mcOBIM
Wickr: https://www.mywickr.com/
Seecrypt: https://www.seecrypt.com/
Jabber Server Lescht: http://www.jabberes.org/servers/
E flotten Jabber Zougang: https://chat.nerds.lu/
Jitsi: https://jitsi.org/
Firefox: http://firefox.com
DuckDuckGo: https://duckduckgo.com/
StartPage: https://startpage.com/
Tor: http://www.torproject.lu
Tor Browser Bundle: http://www.torproject.lu/projects/torbrowser.html.en
Tails: https://tails.boum.org/
VPN Lescht: http://www.vpndienste.com/
TrueCrypt: https://truecrypt.ch/

Sënnvoll Firefox Plugins sinn ënnert anerem:
Ad Block Plus - Blockéiert nerveg Reklammen: http://mzl.la/1s4MVCe
Ghostery - Weist a blockéiert Sougenannten Tracker: http://mzl.la/1lD9TLn

Op http://cypherpunk.lu fann dir demnächst eng Lescht mat vill méi Alternativen plus enger kuerzer Erklärung wei wat wou. Wien sech awer och mat enger Däitscher Versioun zefridden gëtt, dee kann op https://prism-break.org/de/ goen an sech eng helle Wull un Alternativen eraussichen. Alles ënnerdeelt a verschidden Kategorien!

Wien weiderhin Froen huet, de kann se als Mail un info@c3l.lu schécken!

Mat beschte Gréiss

Chaos Computer Club Lëtzebuerg - c3l.lu
Frënn vun der Ënn - enn.lu